



iwwert déi zwee Rapporten, mä och d'Schilderungen, wéi et an der Kommissioun debattéiert gouf. Dräimol, mengen ech, hat Der et an där Kommissioun. Ech hat leider d'Méiglechkeet net, well dat e Punkt ass, deen an der Regel vum Ausseminister, vum Ausseministère suivéiert gëtt, deen haut leider verhénnert ass. Dofir iwwerhuelen ech als Kooperatiounsminister dës Volet vun der Ratifikatioun vun dësen zwee Accorden.

Et ass awer esou, mengen ech, datt de Rapporteur zu Recht op déi eenzel Punkten agang ass, an ech kommen herno dann, a benotzen do eigentlech meng Kap als Kooperatiounsminister, fir op eng Rei Indikatiounen anzegoen, déi och an dësem Kontext mat zitéiert goufen.

Fir vläicht kuerz awer eng kéier déi zwee Projeten ze beliichten, déi haut ze ratifizéiere sinn, engersäits d'Associatiounsofkommes mat Zentralamerika. D'Verhandlungen zu dësem Ofkommes, wéi scho gesot, ware laang amgang; zënter 2006, an 2011 si se ofgeschloss ginn. Am Juni 2012 gouf dësen Accord ënnerschriwwen an am Dezember 2012 vum Europaparlament ratifizéiert.

De wirtschaftlechen, de kommerziellen Deel vum Ofkommes ass och schonns eng kéier a Kraaft getrueden, an zwar am Summer 2013, nodeems och d'Parlamentar vum de verschiddeenen zentralamerikanesche Länner gréng Luucht ginn hunn.

Op Säite vun der EU leeft de Ratifikatiounsprozess och gutt. An ech mengen, de Moment sinn 13 Länner, déi hunn intern d'Prozeduren ofgeschloss. An domadder misst och bis Mëtt d'nächst Joer de politeschen Deel vum Accord a Kraaft trieden.

Et gëtt erwaart, datt dësen Accord net nëmmen ons extern Bezéiunge mat Zentralamerika verstärkt, mä och déi intern Zesummenaarbecht vun dësem politesche Block weider verëfft. Zäitgläich wäerten ons Handelsbezéiungen tëschent 25 an 30%, et gouf schonn hei zitéiert, an deenen nächste Joren zohuelen. Dat ass gutt fir eis Partnerlänner an Zentralamerika, mat allem vun deem, wat och dorunner häng, mä och fir Lëtzebuerg, dat als Logistikzentrum, Plattform fir all méiglech Services, notament maritim Services, awer och als industriellen Hub fir Infrastrukturprojeten dovunner wäert profitéieren.

Ee gudder Ruff hu mer dohanne jo schonn duerch ons Entwécklungspolitik an Nicaragua an an El Salvador, wou e kloert Beispill vu Kohärenz, vun Entwécklungs- a Wirtschaftspolitik ass; ee Prinzip, deen ons zu Lëtzebuerg jo um Häerz läit.

Wat deen zweete Projet ubetrëfft, dee vum Fräihandelsvertrag mat Kolumbien a Peru: D'Diskussionen zu dësem Accord, déi sinn zënter 2007 lancéiert ginn. Ufanks och mam Zil, een Ofkommes ze maachen, mat och den Anden-Communautéiten derbäi, also och derbäi Ecuador a Bolivien.

Do kumt et leider net derzou, aus verschiddene politeschen Ursaachen. Mä och dësen Accord ass ganz kloer festgesat. A wäitgehende Regele festgesat gouf, wat zum Beispill d'nohaltege Entwécklung ubetrëfft, wat d'Sozial- an Umweltnormen ubetrëfft - et ass dat, wou de Rapporteur zu Recht hei drop higewisen huet, am Beräich och vun de Kritiken, déi vun dëser Säit kumen, an och nach eng kéier am Prinzip op d'Ausrichtung vun den dräi Pilieren, déi un der Basis ware vun dësen Accorden.

Ech brauch dofir net direkt drop anzegoen, well effektiv dës Detailler an der Chamberskommission zu Recht diskutéiert goufen. Et handelt sech heibäi also ëm sougenannten Accords mixtes, déi souwuel d'Kompetenze vun der Unioun wéi vun de Memberstaaten beinhalten. No der Ratifikatioun duerch d'Europäesch Parlament am Dezember 2012 souwéi duerch Peru am Mäerz 2013 a Kolumbien am August 2013 sinn déi Deeler, déi ënner Unioun-Kompetenz stinn, och schonns provisoresh a Kraaft getrueden. Dat gouf och säitens vun der ADR hei zum Deel kritiséiert.

Ee EU-Memberstaten hunn dës Vertrag schonns ratifizéiert. Och dës Vertrag wäert onse bilaterale wirtschaftleche Relatiounen guttduen an ons ee gréisseren Afloss op déi politesch a sozial Entwécklungen an dës Länner ginn. Och hei sief gesot, datt d'Handelspolitik net op Käschte vun de Mänscherechter geschitt, mä am Géigendeel ons d'Méiglechkeet gëtt, méi effikass d'politesch Transitioun an dës Länner ze begleeden.

Zum Schluss vläicht géif ech op déi eenzel Remarquen agoen, déi hei gemaach gi sinn, an

nach eng kéier drop hiweisen, datt ech och de Moie Kenntnis krut vun deem Bréif oder deem Schreiwe vun den ONGen. Paradoxeerweis war ech just zu deem Moment an enger Konferenz bei hinnen. An et huet eigentlech kee mer dat gesot, datt dat do Schreiwe do wier, soss hätt ech vläicht direkt do op der Plaz scho kënne dorobber reagéieren.

Mä bei enger Konferenz vun SOS Faim, wou mer eis getraff hu mat Baueren aus dem Senegal, aus dem Mali, aus dem Burkina Faso, goufen eng Rei vu Problematiken ugeschwat, eng Rei vun Zesummenaarbechten ugeschwat, wat virun allem och d'Kooperatiounspolitik vu Lëtzebuerg staark gemaach huet an deene leschte Joren a wäert an Zukunft och staark maachen, opgebaut op deenen dräi grouse Pilieren: deene vun der Educatioun, deene vun der Formatioun, hannendrun deene vun der Santé, awer virun allem och deene vum Développement local et rural.

Alles dat ass dat, wat dat heiten och beinhalt. An alles dat ass och an dësen Accords esou virgesinn, wéi ech gesot hunn. An deenen dräi Pilieren sinn déi Ausrichtungen vum Dialogue politique, vun der Kooperatioun a vum Commerce. Et beinhalt déi dräi, fanne mer also hei erëm. An hei misste mer also, mengen ech, och eng Plattform fannen, fir deem och hei gerecht ze ginn.

An doniewent, grad well mer dës Accorden hunn, setze mer jo hei spezialiséiert bilateral Comitéen op, fir dës Normen, déi international Standarde vun der OIT, vun der ONU ze sécheren. Hei hu mer also d'Méiglechkeet duerch dës Accorden, duerch dës spezifesch Comitéen, och direkt kënne mat anzegräifen. Wa mer dës Accorden net hätten, dann hätte mer iwwerhaupt keng Méiglechkeet, kënne matzestieren, matzediskutéieren an hei op deenen eenzelne Plazen d'Rechter kënne ze verbesseren.

Et gouf och ugeschwat hei - säitens, vun dem..., ech mengen, et war de Vertreder vun déi Lénk, wat d'Landwirtschaft ubetrëfft -, zum Beispill d'Bauere mat der Mëllechwirtschaft. Hei ass et virgesinn, wéi Der wësst, datt, wann d'EU-Mäert, datt hei Irregularitéiten, datt Deregulatiounen an deene Länner bestinn, dann ass zum Beispill fir Kolumbien eng Hëllef vun 30 Milliounen Euro virgesinn, fir deem entgéintzewierken. A wann déi Evaluatioun gemaach ginn, och dat, mengen ech, sinn Accorden, déi do stinn a wou och Zousoe si säitens vun der Europäescher Kommissioun, säitens vun der Agrarpolitik. An ech hunn dat nach deemools matgemaach, wéi ech Landwirtschaftsminister war, datt mer, grad am Kader och vun der PAC, déi doten Ausrichtungen mat beinhalt hunn an datt grad de Kommissär Ciolo" och do war, fir eben och mat den Drëttlänner ze verhandelen an deenen doten Décheten eben entgéintzegeen.

D'Politik vun der Lëtzebuerger Regierung, wat d'Entwécklungspolitik ass, wäert ganz kloer déi nach ëmmer sinn an éischter Linn vun der Eradicatioun vun der Pouvretéit, vun der Armut. Dat ass evident. An ech hunn och déi eenzel Moyene gesot, déi mer eis ginn, fir déi ze bekämpfen.

Et wäert awer och sinn, an ech hunn dat och an der Chamberskommission gesot, datt selbstverständlech en Deel vun deenen Ofleeërlänner och kënne ekonomescherweis sinn. Ech hat d'Beispill zitéiert vum Cap-Vert, wou ech d'Chance hat ze sinn, wou mer gesi bei der Kreatioun vum ERMI, dem sougenannte Wessenszentrum vun den Énergies renouvelables am Cap-Vert, datt mer hei Lëtzebuerger Firmen hunn, déi do sinn, fir Solarzellen ze installéieren.

Mir gesinn also och do, datt een zweete Volet, dee vum „return on invest“, eigentlech do ass. Dat, wat awer Zil vun der Entwécklungspolitik vu Lëtzebuerg ass, dat ass d'Eradicatioun vun der Armut ganz kloer. An ech mengen, mir komme grad bei eisen néng Pays cibles wirklech konkret virun. An et ass och dee Wee, dee mer an Zukunft wäerte maachen. An et ass och grad genau dee Wee, deen engersäits an d'Kontinuitéit virun allem och vum Regierungsprogramm an deenen nächste Jore wäert goen.

Wat zwou méi konkret Froen ubetrëfft, engersäits den Avis vun der Chambre de Commerce: Deen ass do, mä dat war een Avis unique fir déi zwee. Dofir huet een e vläicht net op alle Plazen zréckfonnt. A wat déi zweet Saach ubetrëfft, mengen ech, hunn ech déi eenzel Remarque vun deenen eenzelne Fraktiounen hei ugehall.

Selbstverständlech sinn ech ëmmer erëm bereet, zesummen och, mengen ech, mam Ausseminister, an d'Kommissionen ze kommen, fir een Débat hei iwwert déi Projeten ze féieren. Genausou gutt wéi ech och de PIC selbstverständlech am Virfeld, wa mer een neien etabléieren, ganz gären an der Chamberskommission diskutéieren, esou wéi ech och dës Woch de PIC à mi-parcours vum Cap-Vert presen-

téiert hu mat deenen eenzelne Saachen, wat mer an de Programmer realiséiert hunn a wat mer an der Zukunft wäerten zesumme mat eise Partnerlänner realiséieren.

An deem Sënn soen ech der Chamber Merci, wa se d'Zoustëmmung zu dësen zwee Accorde géif ginn, a soen och Merci fir dee flotten Débat.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Kooperatiounsminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert déi zwee Projeten, selbstverständlech jiddwereen eenzel, iwwergoen. Fir d'Éischt de Projet 6617.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6617

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratioun.

De Vote ass ofgeschloss, mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da géife mer iwwergoen zum Vote iwwert de Projet 6618.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6618

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Och de Projet 6618 ass mat 58 Jo- an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Dispenses du second vote constitutionnel

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote fir déi zwee Projeten ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci villmools.

A mer géifen dann zum leschte Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6638, en Accord iwwert den 11. Fonds européen de développement. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalen. Et hu sech agedroen: d'Madame Elvinger, den Här Kartheiser an den Här Turpel, respektiv déi eenzel Fraktiounen, fir den Accord ze ginn.

D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Alex Bodry.

12. 6638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des États membres de l'Union

européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, respectivement les 24 et 26 juin 2013

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Bei dësem Gesetzesprojet geet et drëm, fir en Accord, deen um Niveau vun der EU getraff ginn ass de 24. respektiv 26. Juni d'lescht Joer, guttzeheeschen, en Accord, wou et sech drëm dréit, fir de Finanzement ze regelen vun deenen Hëlfe, déi d'Europäesch Unioun leescht am Kader vum Partenariatsaccord mat de sougenannten ACP-Länner.

Et ass esou, dass dat hei e Projet ass, deen den 20. Dezember 2013 vum Ausseminister hei déposéiert ginn ass. En ass positiv aviséiert gi vum Statsrot. A mir hunn eis an zwou Sitzungen an der Kommissioun vun de Finanzen domadder beschäftegt.

Et ass déi eelefte kéier, dass eigentlech den Europäeschen Entwécklungsfong hei agesat gëtt. Dëst geet net wéi üblech fir eng Period vu fënnef Joer, mä dës kéier fir eng Period vu siwe Joer, 2014 bis 2020, wou insgesamt eigentlech iwwert dee Fong sollen 30,5 Milliarden Euro kënne matafléissen a Kooperatiounsprojete mat deene Länner vun Afrika, der Karibik, dem Pazifik.

D'ACP, dat sinn 79 Länner, déi sech do zesummegeeschloss hunn. Déi Associatioun besteet zënter 1959. An d'Kooperatioun eigentlech tëschent der Europäescher Unioun an den ACP-Länner, déi fousst ursprénglech op de Konventioun vu Lomé. An déi sinn ersat ginn duerch Accords vu Cotonou aus de Joren 2000, Accords de coopération, déi 2020 auslafen, esou dass also d'Auslaifperiod vun dëser Finanzéierungsphas vun dem Europäeschen Entwécklungsfong coincidéiert mat dem Auslafen och vun deem politesche Kooperatiounsaccord vu Cotonou tëschent der EU an den ACP-Länner.

30,5 Milliarden, déi dann opgedeelt ginn tëschent deenen eenzelen, deenen 28 EU-Memberstaten. D'Part vu Lëtzebuerg, déi sech aus där Rechnung ergëtt, déi läit bei 77,8 Milliounen Euro, opgedeelt op siwe Joer. Dat sinn also am Schnëtt eppes méi wéi eelef Milliounen Euro, déi also och eng Part vun eiser Entwécklungshëllef duerstellen. An eis Part, déi entsprécht engem Pourcentage vun 0,25509% par rapport zu 0,27%, déi mer an der viregter Finanzéierungsperiod vun FED haten. Firwat ass dee Pourcentage erfogaangen? Ma ganz einfach, well en 28. Memberstat derbäikomm ass bei der Europäescher Unioun an dat huet dann déi Reduktioun do erginn.

Et ass allerdéngs esou, dass déi Participatioun, déi Lëtzebuerg huet, déi eenzel Länner hunn, dass déi net déi üblech Participatioun ass, déi fir den EU-Budget gëllt, fir aner Programmer gëllt. Dat heiten ass eng, déi spezifesch ass fir deenen doten Europäeschen Entwécklungsfong, wat och net en Deel vum europäesche Budget ass, mä wat a part eigentlech zu deem Budget funktionnéiert. Wat och scho länger Zäit fir Diskussiounen suergt tëschent dem Europaparlament an deenen aneren europäeschen Instanzen, well doduerjer natierlech och keng Kontroll eigentlech vum Europaparlament op d'Affectatioun vun deenen dote Sue gemaach gëtt.

Wat geschitt elo mat deene Suen? Eigentlech ginn déi a Programmer gestach, déi opgedeelt sinn. Déi gréisst Parts sinn natierlech Projeten, déi direkt un d'Länner vun dem ACP ginn. Dat maachen iwwer 90% vun deene Gelder do aus. Eng klenger Zomm, 364,5 Milliounen Euro op eng Period - nach eng kéier - vu siwe Joer, déi ginn un déi sougenannten „pays et territoires d'outre-mer“ a ronn eng Milliard Euro, déi geet eigentlech un d'Europäesch Kommissioun, fir all deen administrativen Opwand, deen eigentlech mat deenen dote Projeten zesummenhängt, kënne ze finanzéieren.

D'Zilsetzung vum deene Projeten, déi iwwert den Europäeschen Entwécklungsfong finanzéiert ginn, sinn: éischters d'Bekämpfung vun der Armut, zweetens d'nohaltege Entwécklung an drëttens eng progressiv Integratioun vun den ACP-Länner an d'Weltwirtschaft.

Ech mengen, méi ass zu deem Ganzen net ze soen. Lëtzebuerg huet ëmmer säin Accord ginn iwwert d'Gesetz zu deenen eenzele Perioden,



Finanzéierungsperioden, hei, wéi gesot, d'Pe-riod 2014 bis 2020. An ech géif och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem heite Gesetzesprojet abrénge an ech bieden am Numm vun der Kommissioun hei d'Chamber, dësen Text guttzeheeschen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Alex Bodry. Dann huet als Eischten d'Wuert den Här Luc Frieden fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Luc Frieden (CSV).** - Här President, ech géif just gären am Numm vun der CSV-Frak-tioun dem Här Bodry als Rapporteur Merci soe fir all déi Erklärungen. An d'CSV gétt heimat hir Zoustëmmung zu dësem wichtege Projet.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Frieden. D'Madame Joëlle Elvinger fir d'DP.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. Ech géif dann och dem Här Rapporteur, dem Alex Bodry, villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rap-port. An ech géif dann och heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Elvinger. Dann den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Härën, am Numm vun der ADR soen ech och dem Här Bodry vill-mools Merci fir e ganz detailléierte Rapport. Ech kann awer net eisen Accord matbrénge, well mir stëmmen dat heite Gesetz net.

Mir hunn eng Rei Froe vu prinzipieller Natur. Déi éischt ass: Ass et richteg, datt d'Europäesch Unioun iwwerhaapt Entwécklungshëllef mécht mat de Sue vun de Memberstaaten? Also net aus hiren eegene Ressourcen, mä mat de Suen aus de Memberstaaten?

U sech geschitt hei eppes: Mir huele Suen, iwwert déi de Lëtzeburger, d'Lëtzeburger Par-lament u sech d'Autoritéit ofgëtt un europäesch Institutiounen fir siwe Joer, dat heescht, och nach iwwert dës Legislaturperiod eraus. Dat heescht, mir ginn also och nach an d'Autorité budgé-taire vum nächste Parlament eran, andeem mer Lëtzebuerg also zwee Joer weider wéi dës Legis-laturperiod engagéieren. An duerno huet kee Parlament méi iergendeng Kontroll-méiglechkeet, weder d'Europaparlament, wéi et scho gesot ginn ass, nach mir, woubäi déi Sue jo awer aus dem nationale Budget kommen!

Do muss een och soen, déi Suen, déi d'Euro-päesch Unioun also ausgëtt, déi u sech de Memberstaaten hir Sue sinn, déi hunn da keng Visibilitéit méi fir Lëtzebuerg. Mir hu keng bila-teral Visibilitéit an deene Projeten. A mir hu keng Retombée économique eventuell, déi mir fir eis kéinte beusprochen, doduerch datt mir d'Suen dann einfach a méi e grousst euro-päescht Dëppe ginn.

Dat ass eppes, wat mir als ADR net wëllen! Mir sinn net géint d'Entwécklungshëllef, mä mir hätte gär, datt d'Modalitéite vun där Ent-wécklungshëllef eis awer erlaben, eis als Land och duerstelle fir deen Effort, dee mer ma-chen, an och kënne garantéieren, datt eis Entre-prisë vun där Hëllef kennen esou wäit eben, wéi et méiglech ass, mat profitéieren. Dat schéngt eis hei net de Fall ze sinn.

Mä et kann een och kritiséieren, datt dee Schlëssel, deen den Här Bodry jo genee erkläert huet, fir Lëtzebuerg défavorabel ass. Et ass esou, datt en däitsche Bierger 78 Euro an de FED bezilt, e Lëtzeburger Bierger 149 Euro. Mir si praktesch an enger Situation, ben, net grad, mä awer net wäit vun du simple au double ewech.

Dat ass och eppes, wat d'ADR ëmmer erëm beanstant huet, wat mir kritiséieren. Mir si jo net dergéint, datt mir e fairen Deel bezuelen! Mir sinn och net dergéint, datt d'Schlësselen, déi ausgeschafft ginn, souwuel d'Populatioun wéi d'Wirtschaftsleeschtung an aner Facteure mat berücksichtegen. Awer et muss gerecht sinn! An esou eng Disproportioun wéi déi hei,

wou mer praktesch du simple au double par rapport zu enger däitscher Kontributioun sinn, wou Däitschland jo och ganz aner Retombéeën nach an e Retour kritt fir déi Entwécklungshël-lef, déi schéngt eis einfach net justifiéiert an net gerecht ze sinn.

Dat heescht, all dat, wat mir ëmmer soen, déi Schlësselen, déi Lëtzebuerg an internationalen Organisatiounen verhandelt, déi solle fir eis ge-recht sinn, a mir sollen ophalen, einfach esou ze maachen, als wäre mir déi räichste Länner, oder elo dat räichste Land op der Welt a mir bräich-ten nëmmen de Portmonni opzemaachen. Dat ass laang eriwwer! An ech mengen, all déi Dis-kussiounen, déi mer hei an dëse Méint féieren, weise jo däitlech drop hin, datt muss gespuert ginn, hei och muss gespuert ginn!

Da kann ee kritiséieren, et muss een et souguer kritiséieren, datt de FED keng Coupe budgé-taire krut. Ech mengen, an Zäiten, wou all Bud-get muss nei gepréift ginn, wou mer musse ku-cken, ob Ekonomïe realiséiert ginn, wou mer mat Steiererhéijunge konfrontéiert sinn, ass et legitim, fir ze kucken, ob och an dësem Budget Sputt bestanen hätt, fir kënne Reduktiounen vir-zehuelen. Dat ass net gemaach ginn. Dat ass eng reng ideologesch, politesch Approche. Déi ass awer net justifiéiert, wann ee bedenkt, mat wéi engen Affer verschidde Memberstaaten iwwerhaapt nach eng Kontributioun heizou leeschten.

Da muss een och erëm soen, datt mer hei als Chamber duerch den Accord interne, dee jo och am Projet de loi matgeliiwwert gouf, Bud-getsrechter ofginn un de Conseil. An zwar kann de Conseil unanime, wann e mat Unanimitéit statuëiert opgrond vum Artikel 62 vun dem Traité, finanziell Modifikatiounen virhuelen, also ouni den Accord vun der Chamber. Do soe mir: Neen! Et ass eleng d'Chamber, déi d'Autoritéit huet iwwert de Budget, an d'Regierung kann an där net finanziell Engagementer huelen ouni den Accord vum Parlament. Dat ass eist Recht. Mir hunn d'Budgetsautoritéit. D'Regie-rung huet se net!

Wann also hei en Accord virgesäit, datt d'Re-gierung kéint Engagementer huelen ouni eisen Accord, da kënnt dat fir eis net a Fro! Dat ass konstitutionell an eisen Aen einfach net ze ver-trieden, zumools wou déi Reduktiounen net onbedéngt no ënne ginn. Dat kéint ee jo dann nach eventuell an enger Form vu Kulanz akzep-téieren. Mä näischt an deem Artikel 62 garan-téiert eis, datt déi Reduktiounen nëmme kéin-ten operéiert ginn, mä et kéinten och Augmen-tatiounen sinn. Jiddefalls si se net ausgeschloss, notament wa weider Staaten dem ACP-Traité géife bäitrieden. Dee Fall ass net ausgeschloss, datt ouni den Accord vun der Chamber weider Ressourcen da géife vun der Regierung enga-géiert ginn.

All déi Considératiounen, vu prinzipieller Natur, vu konstitutioneller Natur, vun der Autoritéit vun der Chamber, vun der Visibilitéit vun eise-m Land a vun der Gerechtegkeet vum Schlëssel, vun der Verdeelung, vun der Lëtzeburger Kontributioun, féieren eis derzou ze soen: Een Accord an där do Form iwwert d'Ent-wécklungshëllef kënne mir net matdroen!

Villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. le Président.** - Domat ass d'Diskussioun zum Projet ofgeschloss an...

(Interruption)

Aah, sorry! Et ass net gär geschitt! Den Här Tur-pel huet d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Kee Problem! Merci fir d'Wuert. Ech wëll soen, datt ech net an der Kommissioun derbäi war, net - hie muss zwar elo goen (veuillez lire: den Här Angel muss zwar elo goen) -, net, well et mech net interes-séiert, mä well een net an all Kommissioun kann derbäi sinn. An ech hunn elo véiermol héieren an deene leschten dräi Wochen hei an der Kom-missiou (veuillez lire: an der Plénière), ech hätt jo kennen an der Kommissioun derbäi sinn! Wann den Här Angel drop hält, da maache mer emol eng Kéier e Bilan, wien un deene meeschte Kommissiounssitzungen an där Chamber hei deelhëlt a wie sech an d'Kommissiounen abréngt.

Ech hätt dat net gesot, wann en net ëmmer erëm géif domadder zrëckkommen. Ech géif proposéieren, och domadder opzehalen, well et kann een net an all Sitzung sinn. Dat heescht net, datt ee sech net fir d'Thema interesséiert. An et heescht och net, datt een net eng qualifi-zéiert Meenung kann zu deem Thema hunn, besonnesch och, wann ee sech ëmhéiert, wat - an dat stëmmt och fir dëse Projet - an deem Beräich d'Spezialiste vun ONGen, vun der zivi-ler Gesellschaft do soen. An ech mengen, et wier eng gutt Saach, wa mer et géife fäerdeg-bréngen, datt d'Meenung vun der ziviler Gesellschaft méi an dës Chamber erakéim a mer dann och kéinten doriwwer diskutéieren.

Den Accord mat den ACP-Statën, dee betrëfft 700 Milliounen Mënschen. An de Problem, dee mir dermat hunn, ass deen, datt am Fong ge-holl déi Accorden, déi... 2007 hat d'Kommis-sioun versicht, en Accord auszuhandelen, ën-tert dem Drock fir d'wäitgehend Liberaliséie-rung vum Güterhandel, mä och vun de Mar-chés publics, vu Wettbewerbsrecht, Investi-tiouns- a Patentschutz, mä deen ass gescheitert um Widerstand vun den ACP-Statën dee-mools.

An zënterhier gi se ënnert Drock gesat, fir déi Iwwergangsofkommessen do auszuhandelen, mam Drock, datt soss d'Sondergenehme-gungen vun der WTO, vun der Welthandelsor-ganisatioun, géifen auslafen an datt se géifen automatesch zrëckfalen op déi allgemeng Prefe-renzbestëmmungen, déi méi schlecht wieren, wéi wa se elo géifen hei eppes aushandelen. An iwwer Alternativen ass iwwerhaapt net mat hinne geschwat ginn, wéi zum Beispill d'Verlängerung vun de Sondergenehmegungen oder aner Regelungen, op déi ech elo net am Detail wëll agoen.

Ech wëll drop hiweisen, datt en Netzwierk, net manner wéi 164 Organisatiounen aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik sech zesumme-geschloss hunn, fir e Stopp ze fuerdere vun deene Verhandlungen a vun deem Ofkommes hei. A mir schlëssen eis där Fuerderung un a wäerten dat och net guttheeschen!

Ech wëll awer trotzdeem op dat agoen, wat mäi Virriedner hei gesot huet iwwer Gerechtegkeet: datt ee misst gerecht sinn..., an als Konsequenz manner an Entwécklungshëllef misst stiechen. Grad Lëtzebuerg ass e Land, wat an Europa im-mens vill profitéiert huet vu manner ent-wéckelte Länner, souwuel als Bankplaz wéi och zesumme mat anere Kolonialmuechten, an et gëtt héich Zäit, datt een dat Verhältnis ëm-dréit. Et gëtt héich Zäit, datt een emanzipéierten Na-tiounen een Deel zrëck ka gi vun deem, wat ee jorelaang bei hinne agesäckelt huet.

An ech sinn erstaunt iwwert d'Haltung vum ADR, déi da seet, et soll een net nëmme bei deene klenge Leit zu Lëtzebuerg spueren, mä och nach an deene Länner. Chapeau!

Merci.

► **M. le Président.** - Domat wäre mer elo um Enn vun der Diskussioun. Ech géif dem Koope-rationsminister, dem Här Romain Schneider, d'Wuert ginn.

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Co-opération et de l'Action humanitaire.** - Merci, Här President. Ech maachen dat da vun dëser Plaz aus. Ech soe fir d'Éischt emol engersäits dem Rapporteur e grouse Merci fir d'Belichtung vun dësem Projet, och virun allem fir d'Drop-agoen op d'Entstehung dovunner, awer virun allem och op déi eenzel Kloeer Aspecten. En huet gesot, datt mer dës Kéier méi wäit ginn, op siwe Joer laang gezunn, och gesot, datt dës Kéier de Prozentsaz vu Lëtzebuerg erofgaangen ass, dat doduerch, datt mer e Land an der EU bäikritt hunn.

Alles dat si Saachen, déi Der am Rapport erëm-fannt. Mä ech soen hei souwuel dem Rapporteur wéi der Kommissioun Merci, datt se relativ zügig duerch dëse Projet gaange sinn. An ech mengen, ech freeë mech och drop an ech hoffen och, datt dësen Accord hei d'Zou-stëmmung vun der Majoritéit vun der Chamber wäert fannen.

Vläicht zu deene puer Kritiken, déi gemaach goufen, déi, mengen ech, zum Deel och scho gemaach goufen an der Finanzkommissioun,

wou mer dëse Projet kuerz beliicht haten: En-gersäits ass et ganz kloer, datt déi europäesch legal Basis nach ëmmer den Accord vu Cotonou ass vun 2000. Dee leeft bis 2020. Dofir gouf jo och dës eeleft Participatioun um FED verlängert ebe bis 2020. An duerno, mengen ech, gëtt nei verhandelt, gëtt nei verhandelt mat den EU-Memberstaaten an den ACP-Länner, also Afrika, Karibik a Pazifik.

An derniewent, mengen ech, hu mer - wat uge-schwat ginn ass, de Contrôle - déi national Kontroll, déi mer hunn, mengen ech, fanne mer all Joer am Budget erëm! Hei gesi mer all Joer d'Participatioun vun eise-m Ministère, wat de Fong, wat den FED ubetrëfft. A mir gesinn all Joer d'Speisung dovunner, gesinn dat am Kader vun där ganzer APD, déi Lëtzebuerg all Joer virgesinn huet.

An hei wësst Der, datt mer eis, an ech mengen, do kommen ech e bëssen zrëck op dat, wat de Justin Turpel gesot huet - mir spueren net hei zu Lëtzebuerg! -, mir hunn eis ganz kloer verflcht als Regierung, virun deen 1% vum RNB bäize-halen. Dofir wäert och 2014 bei engem RNB vun 32,34 Milliarden och deen 1% agehale ginn. A mir ginn, wa mer spueren, dann op d'Frais de fonctionnement kucken, do bei eis selwer am Ministère, do bei eis selwer, bei dem Émsetze vun de Projeten an deenen eenzelen Associatiounen, mä sécherlech net bei der Hël-lef un d'Drëtlänner, déi et bluttnoutwendeg hunn!

Bon, an deem Sënn soen ech Merci fir d'Kontri-butiounen. Ech soen och Merci fir den Accord vun der Chamber a freeë mech eigentlech och dorobber, fir kënne an Zukunft ze gesinn, datt mer grad an dëse Budgete geziilt Ent-wécklungshëllef an dëse Länner kënne maachen.

► **M. le Président.** - Merci och dem Minister fir d'Kooperatioun. Mir géifen dann iwwert de Projet 6638 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6638 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Mi-chel Wolter (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschet-ter) et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

Domat ass eis Sëtzung um Enn. Rendez-vous muer un zwou Auer fir d'Erklärung zur Lag vum Land.

(Fin de la séance publique à 17.36 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter





Sommaire des séances publiques n^{os}9, 10, 11 et 12

9^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 98
Changement de composition d'une délégation dans une Assemblée parlementaire internationale	p. 98
Dépôt d'une proposition de loi par M. Roy Reding	p. 98
Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État	p. 98-101
6582 - Projet de loi portant approbation de	
1. l'Accord portant création de la Banque africaine de développement, signé à Khartoum le 4 août 1963 tel qu'amendé	
2. l'Accord portant création du Fonds africain de développement, signé à Abidjan le 29 novembre 1972 tel qu'amendé	
6551 - Projet de loi visant l'adaptation de certaines dispositions en matière d'impôts indirects et portant modification:	
- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;	
- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement;	
- de la loi organique de l'enregistrement du 22 frimaire an VII;	
- de la loi organique du timbre du 13 brumaire an VII;	
- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines	
6632 - Projet de loi portant transposition de l'article 8 de la directive 2011/16/UE du Conseil du 15 février 2011 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal et portant modification 1. de la loi du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu	
6649 - Projet de loi portant modification de l'article 4 de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété	
6562 - Projet de loi	
renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains et portant modification	
(1) du Code pénal;	
(2) de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;	
(3) de la loi du 8 mai 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile;	
(4) de la loi du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration	
6563A - Projet de loi portant modification	
1) de la loi du 7 juin 2012 sur les attachés de justice;	
2) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif	
6609 - Projet de loi modifiant l'ordonnance royale grand-ducale modifiée du 1 ^{er} juin 1840 concernant l'organisation de la partie forestière	
6620 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif au Service International de Recherches, signé à Berlin, le 9 décembre 2011	
10^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 112
Discours de M. le Président	p. 112-113
Déclaration de M. Martin Schulz, Président du Parlement européen	p. 113
Séance de questions et de réponses	
1) Question posée par le groupe politique LSAP	
2) Question posée par le groupe politique CSV	
3) Question posée par le groupe politique DP	
4) Question posée par la sensibilité politique ADR	
5) Question posée par le groupe politique déi gréng	
6) Question posée par la sensibilité politique déi Lénk	
11^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 116
Dépôt d'un projet de loi	p. 116
Dépôt d'une motion par M. Henri Kox	p. 117
Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel	p. 117
Communications	p. 117
Changements de composition de commissions parlementaires	p. 117
Ordre du jour	p. 117
6394 - Projet de loi portant approbation	
- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique, le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne et le Gouvernement de la République française, concernant la mise en place et l'exploitation d'un centre commun de coopération policière et douanière dans la zone frontalière commune, signé à Luxembourg le 24 octobre 2008;	
- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française relatif à la coopération dans leurs zones frontalières entre les autorités de police et les autorités douanières, signé à Luxembourg le 15 octobre 2001	
Motion de M. Henri Kox concernant le document COM (2014) 15: Communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social européen et au Comité des régions - Un cadre d'action en matière de climat et d'énergie pour la période comprise entre 2020 et 2030	
Motion de M. Justin Turpel concernant le soutien par le Gouvernement d'un plan d'action du Conseil européen en vue de réduire les émissions internes de l'UE d'au moins 55%, d'atteindre un objectif contraignant de 45% d'énergies renouvelables et d'atteindre 40% d'économie d'énergie d'ici 2030	
6599 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales	
Question urgente n°152 de M. Michel Wolter relative aux décharges pour déchets inertes	
6616 - Projet de loi	
portant transposition	
- de la directive 2009/133/CE du Conseil du 19 octobre 2009 concernant le régime fiscal commun applicable aux fusions, scissions, scissions partielles, apports d'actifs et échanges d'actions intéressant des sociétés d'États membres différents, ainsi qu'au transfert du siège statuaire d'une SE ou d'une SCE d'un État membre à un autre;	
- de la directive 2011/96/UE du Conseil du 30 novembre 2011 concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d'États membres différents;	
- de la directive 2013/13/UE du Conseil du 13 mai 2013 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la fiscalité, du fait de l'adhésion de la République de Croatie;	
portant modification	
- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;	
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;	
- de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934	
Ordre du jour (suite)	
6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État	
Ordre du jour (suite)	
6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État (suite)	
Ordre du jour (suite)	
6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État (suite)	
6579 - Projet de loi	
1) portant approbation du protocole modifiant l'accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes pour des véhicules utilitaires lourds, aux fins	
a) de satisfaire à la directive 2006/38/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures et	
b) de convenir, entre les Gouvernements du Royaume de Belgique, du Royaume du Danemark, de la République fédérale d'Allemagne, du Grand-Duché de Luxembourg, du Royaume des Pays-Bas et du Royaume de Suède, de l'introduction d'un système de «paperless vignette» dans leur système commun pour la perception d'un droit d'usage, fait à Bruxelles, le 21 octobre 2010;	
2) transposant la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures;	
3) modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes pour des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994	
6601 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (Ligne de Luxembourg à Kleinbettingen. Modernisation de la ligne. Phase II: Ré-électrification de la ligne)	
12^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 133
Hommage à la mémoire de M. Ernest Muhlen, Député honoraire	p. 133
Communications	p. 133-134
Proposition de loi n°6665 relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg	
Ordre du jour	
Vérification des pouvoirs et assermentation de M. André Bauler	
Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales	
Heure de questions au Gouvernement	
- Question n°21 du 31 mars 2014 de M. Max Hahn relative à l'organisation interne de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure	
- Question n°22 du 1 ^{er} avril 2014 de M. Jean-Marie Halsdorf relative aux bourses pour médecins-assistants en voie de spécialisation en Allemagne, adressée à Mme la Ministre de la Santé	
- Question n°23 du 1 ^{er} avril 2014 de Mme Taina Bofferding relative à l'existence d'un bilan des projets pilotes pour jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire	
- Question n°24 du 31 mars 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au «devoir de mémoire», adressée à M. le Premier Ministre	
- Question n°25 du 1 ^{er} avril 2014 de M. Michel Wolter relative au glissement de terrain à la décharge pour déchets inertes à Mondercange, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement	
Changement de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales (suite)	
6541 - Projet de loi	
a) relative aux émissions industrielles	
b) modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés	
c) modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux	
6617 - Projet de loi portant approbation de l'Accord établissant une association entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Amérique centrale, d'autre part signé à Tegucigalpa (Honduras), le 29 juin 2012	
6618 - Projet de loi portant approbation de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012	
6638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, respectivement les 24 et 26 juin 2013	